FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL
association sans but lucratif
F.L.H. · 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN

# Rapport Referees' Commission - 27.01.2026

Present : Geib, Kröpelin, Nesser, Volz, Welter, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Keiffer F., Keiffer N.

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 16.12.2025***

2) ***Tester Play-off***
*D'Tester fir de Play-off AXA-League waren de Freiden 09.01.2026 zu Miersch an de Samschde 24.01.2026 zu Uewerkuer. D'RefCom seet Merci fir d'Bereetstellung vun den Halen.*

3) ***Austausch mam Ausland:***
   - *D'Koppel Dilber/Stock ass vum 20.-29. Abrëll um ISF World School Handball Championship zu Skopje am Asaz.*
   - *De Weekend vum 27/28. Februar ass eng Koppel aus Süd-Dänemark fir d'FLH am Asaz. Si kommen aus der 2. Division (3. héchst Liga an Dänemark).*
   - *Mat Éisträich ginn et am Moment nach Terminproblemer.*

4) ***Austausch mam Ausland – Manque d'arbitres:***
*Fir de 7. Februar sinn net genuch Arbitter vun der FLH disponibel fir all Match ze besetzen. D'RefCom kritt hei Hëllef aus dem Saarland, déi eng Koppel op Lëtzebuerg schécken.*

5) ***YRP/EHF/IHF***
*D'RefCom huet d'Koppel Dilber/Stock am YRP vun der EHF confirméiert.*

6) ***Auslänneschen Delegué fir den FLH Final4:***
*Och dëst Joer probéiert d'RefCom een zousätzlechen Delegué fir de Final4 ze organiséieren. Ob a wa jo, wie kënnt steet nach net fest.*

7) ***EHF Heads of Refereeing Convention 2026***
*Vum 8. bis 9. Mee ass zu Wien d'EHF Heads of Refereeing Convention 2026. D'RefCom gëtt vum Paul Nesser vertrueden.*

8) ***Artikel 20 Code du Handball:***

*(…)*
*Un arbitre qui a fait un transfert comme arbitre neutre fait, pendant toute la durée de sa carrière, partie du quorum du club où il a été affilié avant sa neutralité.*

*Den Artikel 20 vum Code du Handball seet, dass Arbitter déi hier Lizenz bei d'FLH transferéieren, an domadder kënne als Club-neutral agestuuft ginn, de Rescht vun hirer Karriär dem Kontingent vun hirem leschte Veräin ugerechent ginn.*
*Dëst gouf agefouert, fir dass all Arbitter kéint bei all Match agesat ginn, hat awer net de gewënschten Effekt. Am Géigendeel kënnen d'Veräiner laang vun esou Arbitter profitéieren, a brauche keng nei Arbitterkandidaten ze sichen. Och hunn déi Arbitter bal Näischt bis guer Näischt méi mat dem Veräin ze dinn.*
*D'RefCom wäert dowéinst der AG eng Ännerung virschloe fir d'Veräiner zousätzlech dozou z'incitéieren, nei Arbitter auszebilden an der Wichtegkeet vum Recrutement op laang Siicht Rechnung ze droen.. Arbitter déi hier Lizenz bei d'FLH transferéieren, ginn dem Veräin nach 2 Joer laang gutt geschriwwen. Esou huet de Veräi genuch Zeit, nei Kandidaten ze fannen.*

9) ***Trikot- an Nummerwiessel wärend dem Match:***

*An engem Match kann et virkommen, dass engem Spiller säin Trikot futti fiert oder Blutt drun ass, an den Trikot net méi ka benotzt ginn. An dem Fall ass et erlaabt, dass de Spiller een Trikot mat enger anerer Nummer undeet. Oppassen: et däerf keng Nummer sinn, déi schonn um Spillbou steet. Ee Reservetrikot mat enger Nummer déi kengem Spiller gehéiert ass eng Léisung. De Wiessel vun der Nummer an de Gronn dofir sollen awer um SBO notéiert ginn.*

10) ***SBO/Chrono Final4:***

*D'RefCom huet leider, wéi d'lescht Saison, net genuch Leit fir den SBO/Chrono bei den Halleffinalle vun der Loterie National Coupe de Luxembourg ze besetzen. D'RefCom freet dofir den CA, ob si déi Charge iwwerhuele kënnen, a seet am Viraus scho Merci.*

11) ***Linster – Rauchs:***

*Eis IHF/EHF Koppel huet der RefCom matgedeelt, dass si ab nächst Saison net méi zur Verfügung stinn. Natierlech bedauert d'RefCom esou eng erfuere Koppel ze verléieren, versteet awer hier Grënn. D'RefCom seet deenen 2 e grousse Merci fir alles wat si fir de Lëtzebuerger Arbitrage gemaach hunn, a hofft fir si an nächster Zukunft villäicht an anere Beräicher vum Arbitrage zréck ze gesinn.*

***Nächst RefCom: Dënschden den 03. Mäerz 2026 um 18h30***
***zu Stroossen an der Maison des Sports (Sall 2)***